N° 7794
Entrée le 17.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.03.2023

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, de 17. Mäerz 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„D'Renovatiounsaarbechten um Helleg-Geescht-Parking an der Stad sinn zënter enger Rei Méint ofgeschloss. Allerdengs ass de Parking zënterhir net wéi virgesinn fir d'Ëffentlechkeet owes a wärend dem Weekend opgaang.*

*Et ass eis zu Ouere komm, dass de Grond heifir dee wier, dass bis elo nach ëmmer keng Ausschreiwung fir en Exploitant vum Parking ze fannen gemaach ginn ass.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- *Huet d'Administration des bâtiments publics schonn eng Ausschreiwung fir d'Exploitatioun vum Helleg-Geescht-Parking gemaach?*
- *Wa jo, wéini ass dës Ausschreiwung veröffentlecht ginn? Goufen et scho Soumissiounen? Bis wéini ass geplangt, en Exploitant ze designéieren?*
- *Wann net, wat sinn d'Grënn heifir?*
- *Wéi steet den Här Minister dozou, de Parking op mannst fir d'Mataarbechter aus der Cité judiciaire, fir Leit, déi e Rendez-vous um Geriicht hunn, grad ewéi fir hir Affekoten a Begleeder opzemaachen?"*

Mat déiwem Respekt,

Carole HARTMANN
Deputéiert

Claude LAMBERTY
Deputéierten

N° 7794
Entrée le 18.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7794 vum 17. Mäerz 2023 vun der Madamm Deputéiert Carole Hartmann a vum Här Deputéierte Claude Lamberty.**

1. **Huet d'Administration des bâtiments publics schonn eng Ausschreiwung fir d'Exploitatioun vum Helleg-Geescht-Parking gemaach?**

   Den Ausschreiwungsdossier ass finaliséiert an d'Ausschreiwungsprozedur ass amgaangen.

2. **Wa jo, wéini ass dës Ausschreiwung veröffentlecht ginn ? Goufen et scho Soumissiounen ? Bis wéini ass geplangt, en Exploitant ze désignéieren ?**

   **Wann net, wat sinn d'Grënn heifir ?**

   Fir d'Exploitatioun vum Parking gëtt et eng eenzeg Soumissioun. D'Ausschreiwung gouf den 1. Abrëll 2023 veröffentlecht. Et ass virgesi fir am September een neien Exploitant designéieren ze kënnen op Basis vum Resultat vun der Ausschreiwung.

3. **Wéi steet den Här Minister dozou, de Parking op mannst fir d'Mataarbechter aus der Cité judicaire, fir Leit, déi e Rendez-vous um Geriicht hunn, grad ewéi fir hir Affekoten a Begleeder opzemaachen ?**

   De Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte kann heirop keng Äntwert ginn a verweist un d'Direktioun „Administration et domaines" vum Finanzministère. Dës Direktioun fällt net an de Kompetenzberäich vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten.

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch